**02** | 2023

# REWA NEWS



Bei eis sidd
Där doheem.
säit 2012

CIPA-SANEM.LU

GEMENG SUESSEM

CIPA RÉSIDENCE OP DER WAASSERTRAP

## EDITORIAL

- Simone Asselborn-Bintz

## VIRWUERT

- Alain Willet

## RÉCKBLÉCK

- Reise ohne Koffer
- Projet Jippelcher
- ING Hallefmarathon

## VERSCHIDDENES

- Projet Kontrollstatioun
- Référents Humanitude
- De Programm
- CIPA Rewa - Terrain de stage
- Projet Becasine en forêt
- Basket CIPA Rewa
- Kleeder maache Leit
- Gemengewalen
- Amicale
- Formateurs internes
- Nei Mataarbechter
- Et huet eis verlooss
- Kiermes am Duerf


## IMPRESSUM

ZEITUNG VUM: CIPA Résidence Op der Waassertrap
REDAKTIOUN: Residenten, Tamara Abate, Flora Oliveira
LAYOUT: Tamara Abate, Flora Oliveira
VERBESSERUNG: Service des Relations publiques et de la Culture
FOTOEN: Personal vun der Equipe Animatioun a Marie-Paule Muller
DROCK: Am CIPA Résidence Op der Waassertrap
ADRESS: Résidence Waassertrap | L-4408 Belvaux
TEL.: +352 59 49 40 - 1
KONTO: Kontosnummer fir en Don
LU51 0019 7355 2951 5000 bei der BCEE
INTERNETSITE: www.cipa-sanem.lu

# EDITORIAL



Léif Awunnerinnen an Awunner aus dem CIPA Résidence Op der Waassertrap, léif alleguer,

Et freet mech, erëm e puer Wuert kënnen un Iech ze riichten. An déi sollen net ëm-soss sinn. Et maach wéi eng Floskel kléngen, mee d'Solidaritéit an den Zesummenhalt an eiser Gesellschaft sinn net selbstverständlech. Dass mir eng Struktur fir eeler Mënschen hunn, déi a Gemengenhand ass, erlaabt et eis, all d'Beméiunge geziilt op hir Besoinen an hiert Wuelbefannen auszeriichten. Mee net nëmmen d'Personal verdéngt eise Respekt fir hiert Engagement, Dag fir Dag. Och d'Famillje si mat hirer Ënnerstëtzung bei der Betreiung e wichtege Pilier, ouni deen dëse Projet net denkbar wier.

D'Generatiounen, déi virun eis komm sinn, hu geschafft, gekämpft an opgebaut. Si hunn d'Fundament fir eis geluecht. Et ass eis Flicht, hinnen d'Méiglechkeet ze bidden, fir würdeg an autonom liewen a weider Deel vun eiser Gesellschaft kënnen ze sinn. Liewensqualitéit bedeit, sech gebuergen an awer och fräi ze fillen. Dass beim Striewen no dësem Ideal de Spagat heiansdo mol méi, mol manner gutt geléngt, ass ganz normal. Mee och a schwierege Momenter weist sech: wa jidderee am Sënn vun der Saach um selwechte Strang zitt, da geet et an déi richteg Richtung, egal ob mat klengen oder mat grousse Schrëtt.

Ech hunn et schonn ugedeit: et lafe vill Zännrieder aneneen, fir dass d'Zesummeliewe gutt funktionéiert. An et geet nëmmen, wa jidderee mat upeekt. Erlaabt mir, am Numm vum ganze Schäfferot jidderengem Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht an och fir d'Vertrauen ze soen. Ech wënschen Iech all Guddes, eng gutt Gesondheet an natierlech nach vill flott Momenter an eisem CIPA Résidence Op der Waassertrap.

Simone Asselborn-Bintz,
Är Buergermeeschtesch

# VIRWUERT



Léif Bewunner vum CIPA Résidence Op der Waassertrap, léif alleguer,

Bei der 2ter Ausgab vun dësem Joer vun eise REWA NEWS maache mir en Topo wat mir déi lescht Méint am CIPA gemaach hunn.

Niewent der Grënnung vun enger Amicale vum REWA hate mir och e puer sportlech Aktivitéiten.

Dee leschte Match vun dëser Saison vun eiser Basketekipp hu mir wuel knapp verluer, mee méi wichteg war et, datt mir immens vill Supporteren haten, dat esouwuel vum Personal wéi och Familljen, déi eis ënnerstëtze komm sinn a fir eng gutt Ambiance gesuergt hunn, wärend an och nom Match.

Niewent dem Basket hunn och e puer Leit vun eisem Personal um ING-Marathon deelgeholl a super ofgeschniddden. Mir ginn dovun aus, datt nächst Joer de Grupp vun de CIPA-Leefer méi grouss wäert sinn.

D'Formatioun vun eise Mataarbechter ass e wichtegen Deel fir d'Kompetenzen ze erweideren an nei Demarchen a Projeten ze lancéieren. Mir sinn houfreg, fir zanter kuerzem 2 Membere vun eisem Personal ze hunn, déi elo zertifiéiert Formateuren an der Palliativfleeg sinn a mir dës Formatioun esou intern kënnen organiséieren.

Ech wënschen Iech eng flott Lecture,

Alain Willet

# REISE OHNE KOFFER

Hinter der Idee von „Reise ohne Koffer“ steckten drei Tage erholsame Abwechslung für die Heimbewohner. Die Teilhabe am öffentlichen Leben und Spaβ stehen dabei im Mittelpunkt. Aufenthaltsräume, das Restaurant sowie die beiden Stockwerke wurden mit passender, ansprechender Dekoration sowie Bilder kultureller Gebäude und Landschaften Italiens gestaltet.

Multidisziplinäre Teamarbeit machten die Verbindung zwischen Bewegung und kulinarischem Genuss möglich. An fünf Stationen verteilt im CIPA REWA gab es sizilianische Spezialitäten, die in dieser Woche zusammen mit den Bewohnern zubereitet worden waren. Freitags gab es vor dem italienischen Menü im Restaurant eine „Amuse Bouche" und Nachmittags fand eine „Marche Gourmande" im gesamten Haus statt. Neben italienischen Geschmackserlebnissen wurden an diesen Tagen auch italienische Filme in unserem Kinosaal gezeigt und an den verschiedenen Gourmetständen lief italienische Musik, die zum Tanzen einlud. Am Wochenende gab es Highlights wie „sizilianisches Frühstück" und einen „italienischen Concert Apero" im UPG.

Die Heimbewohner waren alle begeistert von diesem Arrangement und freuen sich schon auf die nächste Ausgabe „Reise ohne Koffer".
















# PROJET JIPPELCHER

Dëst Joer hate mir erëm Jippelcher am CIPA.

Déi éischt sinn den 19. Mäerz no 21 Deeg geschlüpft. Leider sinn net all befruchten Eeër eppes ginn. D'Residente ware ganz opgereegt a besuergt, a sinn oft no deene klengen Déiercher kucke gaangen. D'Jippelcher si bewonnert ginn an d'Leit hu vill mat hinne geschmuust. Mir haten dann och nach eis „Grimmelchen". Hatt hat Problemer aus dem Ee ze kommen, an ass herno mat der Pipette gefiddert ginn.

Eis gutt Dickelcher si leider vill ze schnell grouss ginn an hu misste bei hire Meeschter zeréckgoen.

Sandy

Service éducatif







# ING HALLEFMARATHON

Den 20. Mee 2023 sinn 3 Collaborateur – Romane, Myra an Noémie – den ING-Night-Marathon an der Stad Lëtzebuerg gelaf. Fir déi 21 Kilometer vum Hallefmarathon ze packen, hunn si sech natierlech iwwert Méint virbereet. Si hunn sech ënnerteneen encouragéiert, fir weider ze trainéieren a si mat der Zäit och ëmmer méi schnell ginn. An du war den Dag komm. Et war endlech Samschde Mëtten. Mat Zuch, Tram an Auto sinn eis dräi Leefer an eis Ënnerstëtzer, ënnert anerem d'Laura mat engem grousse Plakat, op de Kierchbierg komm. Um 19 Auer war de Start vum Hallefmarathon an eis dräi Leefer ware prett mat hirem gréngen T-Shirt vum CIPA um Depart. Den Tour ass gestart um Kierchbierg, du weider op de Glacis, bis op de Lampertsbierg a bis bei de Palais, an dunn ass et erëm zeréck bei d'Foireshale gaangen. Op verschidde Plazen huet d'Laura sech mat sengem Plakat higestallt, fir eis iwwert déi 21 km z'ënnerstëtzen. Déi lescht 2 Kilometer ware richteg ustrengend, dunn huet just nach déi mental Stäerkt gezielt an esou hu mir et och allen 3 gepackt, iwwer d'Zillinn ze lafen. Super glécklech, dass mir alleguerten ukomm sinn, krute mir dunn nach eng Medail iwwerreecht. Mir waren och alleguerte ganz houfreg op eis Zäiten, mir hunn nämlech manner wéi 2 Stonnen an 30 Minutte gebraucht, fir de ganze Parcours vun 21 Kilometer ze lafen. Et war eng mega flott Erfarung, eng Kéier matzelafen an duerch d'Ënnerstëtzung vun den dausende Spectateuren ugefeiert ze ginn. An dofir hu mir decidéiert, dass mir och nächst Joer erëm matmaache wëllen. Do huele mir dann awer d'Laura an d'Barbara mat, déi leider krankheets- a verletzungsbedéngt ausgefall waren.



# PROJET KONTROLLSTATIOUN




Léif Bewunner,

Ab dësem Joer gëtt eng Kontrollstatioun fir all Rollator a Rollstull agefouert.

| | |
|---|---|
| *FIRWAT?* | Fir d'**Sécherheet** vun ärem Rollstull an/oder Rollator |
| *WOU?* | Um Rez-de-chaussée bei der **Receptioun** |
| *WÉINI?* | Dir gitt perséinlech invitéiert |
| *WAT MATBRÉNGEN?* | **Rollstull** an/oder **Rollator** |

Falls eng Reparatur un ärem Gefier néideg ass, këmmert sech de Service thérapeutique direkt op der Plaz drëms.

Wann alles an der Rei ass, kritt der en **Zertifikat** ausgestallt deen **1 Joer** gülteg ass.

Service éducatif et thérapeutique





# REFERENTS HUMANITUDE

Pour compléter l'équipe des référents Humanitude au CIPA, qui était constituée à la base d'Emilie de Temmerman (Responsable du Département Assistance et Soins), Ana-Luisa Pina-Caetano (aide socio-familiale) et suite au départ de Alain Didier (Kiné), 3 nouveaux référents ont été formés. Pour cela, Barbara Maes (Ergothérapeute), Yaniurka Larrosa (Infirmière) et Laura Schamburger (Ergothérapeute) sont parties deux fois 5 jours à Paris.

Ces cours, donnés par l'école Gineste-Marescotti alliaient parties pratiques et théoriques. Cette philosophie de soins utilise par exemple des techniques de manutention qui préservent le dos des soignants ainsi que le confort et la dignité des résidents. Elle donne des techniques de communication et de mise en relation avec les personnes atteintes des troubles de mémoire.

Suite à notre labelisation en juin 2022, les référents sont là pour aider et guider les professionnels à travailler avec les 3 valeurs (liberté, citoyenneté et autonomie). Pour cela, les référents s'engagent à aider tout le personnel à mettre en oeuvre le 5 principes de l'Humanitude dans leur travail au quotidien. Ces principes sont:

- Zéro soin de force sans abandon de soin
- Respect de la singularité et de l'intimité
- Vivre et mourir debout
- Ouverture vers l'extérieur
- Lieu de vie, lieu d'envies

Nous espérons que les résidents, le personnel et les familles feront à chaque fois la démarche de venir vers un des 5 référents en cas de questions, de doutes ou de besoin de partage. Cette formation était très intéressante et personnellement très enrichissante.

Barbara, Yani et Laura





# DE PROGRAMM

## JUNI

| | |
|---|---|
| 08.06. | Männersortie |
| 16.06. | Sortie op Réimech |
| 22.06. | Virowend vun Nationalfeierdag um Scheierhaff |
| 27.06. | Casino Mondorf |
| 29.06. | Männersortie |
| 30.06.-2.07. | 3 Deeg Kiirmes am CIPA REWA |

## JULI

| | |
|---|---|
| 11.07. | Mammendag-Concert an der Cafeteria |
| 12.07. | Spectacle Musical „Ile aux Clowns" |
| 13.07. | Bastogne WAR Museum |
| 17.07. | Zolwer Moart |
| 24.07. | Männersortie |

## AUGUST

| | |
|---|---|
| 04.08. | Sortie op d'Marie-Astrid |
| 08.08. | Männersortie |
| 22.08. | Männersortie |
| 25.08. | Schueberfouer |

## SEPTEMBER

| | |
|---|---|
| 08.09. | Sortie op d'Marie-Astrid |
| 09.09. | Gebuertsdagsfeier am CIPA REWA |
| 28.09. | Gebuertsdagsfeier am UPG |

Iwwert all spontan Sortie gitt dir via eis Pinnwand, déi beim Restaurant hänkt, informéiert.

Mellt IECH wgl. bei der Animatioun un.

# CIPA REWA - TERRAIN DE STAGE

**Le CIPA REWA - un terrain de stage convoité**

La Résidence Op der Waassertrap a conclu des conventions avec différents établissements scolaires en vue d'accueillir des stagiaires.


En 2022, le CIPA a ainsi pu encadrer 105 étudiants. La grande majorité provient du Lycée technique pour professions de santé (LTPS) et du Lycée technique pour professions éducatives et sociales (LTPES). Les différents lycées de la région représentent 20% de nos stagiaires. Nous avons également pu offrir des stages aux étudiants en provenance de différentes universités étrangères (Belgique, France, Suisse).

Nos principes de l'encadrement :

Le stagiaire est accompagné d'une personne de référence chaque jour de stage afin de favoriser l'atteinte des objectifs du stage.

L'équipe favorise l'intégration du stagiaire dans l'équipe multidisciplinaire.

Afin de permettre un accompagnement de qualité des stagiaires, le CIPA veille à développer les compétences des tuteurs qui encadrent les stagiaires.



# PROJET BECASINE EN FORET

La sortie Becasine en forêt, c'est l'éveil de tous les sens…
Avec le retour des beaux jours, nous souhaitons innover un petit peu lors de nos sorties. En effet, le service thérapeutique et éducatif propose dorénavant des sorties en forêt en Becasine afin d'offrir aux résidents moins autonomes la possibilité de profiter de tous les bienfaits de la nature en soutenant un bien-être physique et psychique.
Les résidents en capacité de marcher accompagnerons le groupe avec Mozart, notre chien thérapeutique. Ils pourront ainsi renforcer l'équilibre, la rééducation et la capacité respiratoire.

Cathy
Service éducatif





# BASKET CIPA REWA

Eis éischt Saison hu mir mat groussem Erfolleg ofgeschloss. Mir hunn déi 3. Plaz an der 4. Divisioun um Podium beluecht. Mir hate vill Spaass, vill schéi Momenter a mir bedanken eis bei eise Supporteren, dass si ëmmer fir gutt Stëmmung gesuergt hunn. Mir freeën eis op déi nächst Saison, déi am Hierscht erëm start.

+ CLASSEMENT

| # | Équipe | Joué | Gagné | Nul | Perdu | Forfait | Points | Égalité | Diff. points | Diff 1 | Diff 2 | Off | Def |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | PWC Luxembourg | 6 | 6 | 0 | 0 | 0 | **12.0** | | | | | 500 | 264 |
| 2 | BBC Penitencier | 7 | 4 | 0 | 3 | 0 | **11.0** | | | | | 400 | 340 |
| 3 | CIPA REWA | 6 | 3 | 0 | 3 | 0 | **9.0** | | | | | 284 | 331 |
| 4 | BBC House Startups | 6 | 0 | 0 | 6 | 0 | **6.0** | | | | | 222 | 451 |
| 5 | BBC Cargolux | 1 | 0 | 0 | 1 | 1 | **0.0** | | | | | 0 | 20 |

# KLEEDER MAACHE LEIT

Wee kennt dee Sproch net? De Sproch „Kleeder maache Leit" dréckt aus, ewéi eng Wierkung een op seng Matmënschen huet, deemno wéi een ugedoen ass. Oft gëtt een an der Gesellschaft no sengem Ausgesi beurteelt. Eng gefleegte Kleedung dréit dozou bäi, dass een säin Ugesi fërdert an dass een d'Sympathie fir sech steigert.

Den Ursprong vun dësem Sproch fënnt een  schonns bei de Réimer : ***Vestis virum reddit*** (Kleedung mécht de Mann).

Wat heescht dee Sproch fir ons am CIPA:

Fir ons ass et wichteg, dass mir kucken, dass ons Matbewunner ëmmer propper a gefleegt ugedoe sinn. Mir vermeide Sabbeldicher bei ons am Restaurant, well mir ons Residenten net ewéi kleng Kanner wëlle behandelen. Mir motivéieren si, fir propper a gefleegt an de Restaurant, op Sortien oder op Fester deel ze huelen.

All dëst, well och am Alter d'**DIGNITÉIT VUM MËNSCH IWWERT ALLEM SOLL STOEN.**

# GEMENGEWALEN

Den 11. Juni si Gemengewalen. All Bierger ab 18 Joer ass opgeruff, fir wielen ze goen. Et ass ee Recht an awer och eng Flicht.

Bis 75 Joer muss ee wiele goen. Duerno ass et keng Flicht méi, mee et kann een awer goen. Dofir bitt de CIPA senge Residenten un, si den 11. Juni um hallwer 10 bis bei de Walbüro ze begleeden, fir wielen ze goen. Denkt drun: Dir musst är *Carte d'Identité* dobäi hunn, fir iech auszeweisen am Büro de vote.

**Mir kënnen net a mir däerfen net mat an d'Walkabinn.**

De Rendezvous ass um hallwer 10 an der Receptioun.  Mir fuere mat onser Camionnette dohin.

# AMICALE RESIDENCE OP DER WAASSERTRAP

Säit Januar 2023 huet de CIPA Résidence Op der Waassertrap eng eegen Amicale.

D'Haaptzil vun der Amicale ass et, fir zum Wuelbefanne vun de Bewunner aus dem CIPA Residence Op der Waassertrap bäizedroen. Dëst soll an enker Zesummenaarbecht mam Personal vum CIPA duerch d'Organiséiere vu kierperlechen, artisteschen a kulturellen Aktivitéite geschéien.

D'Amicale huet dowéinst d'Méiglechkeet, Donen ze kréien, fir d'Fester an d'Projete mat ze finanzéieren a garantéiert, datt déi Sue reng de Bewunner zegutt kommen.

Des Weidere wäert d'Amicale och d'Drénkgelder fir d'Personal geréieren an dofir suergen, datt mat dëse Suen Aktivitéiten a Fester fir d'Personal organiséiert ginn.

Wann dir d'Aktioune vun der Amicale duerch en Don wëllt ënnerstëtzen, kënnt dir eng Iwwerweisung mam Numm „Don" op eis Kontosnummer LU51 0019 7355 2951 5000 bei der BCEE maachen. D'Amicale an de CIPA Résidence Op der Waassertrap soen iech vill-mools Merci.

D'Membere vum Conseil d'administration fir déi nächst 3 Joer sinn:

Delia Tornambé, Presidentin
Pascal Cordaro, Vizepresident
Emilie De Temmerman, Sekretärin
Sylvie Duarte, Tresorière
Sébastien Pierron, Member

Als Reviseur de caisse fungéieren den Här Denis Bronzetti an den Här Robert Rings.
D'Statute vun der Amicale Résidence Op der Waassertrap fannt dir um Internetsite vum CIPA : https://www.cipa-sanem.lu/p/115/0

# FORMATEURS INTERNES

Les soins palliatifs au sein du CIPA REWA

Les soins palliatifs cherchent à améliorer la qualité de vie des patients et de leurs familles – lorsqu'une situation de fin de vie survient, par la prévention et le soulagement de la souffrance évaluée précocement et avec précision, ainsi que par le traitement de la douleur et des autres problèmes physiques, psychologiques et spirituels qui y sont liés. Chaque résident du CIPA REWA étant atteint d'une maladie incurable, maladie chronique en stade terminal, ou altération naturelle de l'état général, doit obtenir le bien-être ainsi que la meilleure qualité de vie possible.

La mission primaire de la direction consiste à défendre et promouvoir la philosophie des soins palliatifs. Une philosophie qui place le résident et son entourage au centre des soins. Afin de diffuser la culture palliative dans notre institution, Sandra Lopes, infimière référente en soins palliatifs BF1, et Emmanuel Klee, infirmier référent en soins palliatifs Bf2, ont développé leur savoir-faire et savoir-être pour se positionner dans la mission de formateurs en soins palliatifs. Notre mission principale comme formateurs internes en soins palliatifs est d'enseigner et de former des soignants et non soignants pour acquérir, entretenir et améliorer leur niveau de compétences relatives aux soins palliatifs.

En soins palliatifs, il n'y a pas *celui qui sait* et dont la parole et l'action seraient garantes de succès, mais plutôt un partage de savoirs, une forme de collégialité dans les compétences. La formation 1er Niveau Approche en soins palliatifs et en accompagnement en fin de vie d'une durée de 40 heures s'adresse à tout professionnel de notre institution. Les formations sont préparées et dispensées sur base de la documentation d'Omega 90 et auront lieu 3 fois par an afin que la majorité du personnel soit formée au cours de l'année 2023.





# NEI MATAARBECHTER

Mäin Numm ass Krecké Steve an ech schaffen als aide-soignant um BF 1.



Ech heeschen Haumaret Tessa a schaffen als Infirmière um BF 2.




Mäin Numm ass Yokhanna Jolyana an ech schaffen an der Animatioun.



Ech heesche Mertz-Gnono Agnès a schaffen um BF 2.



Ech heesche Beideler Bryan a schaffen am Restaurant.



Mäin Numm ass Muller Yannick an ech schaffen am Restaurant.



Mäin Numm ass Dos Santos Saborano Ana Catarina an ech schaffen am Restaurant.



Ech heesche Santos Gomes Taveira Cristiana a schaffen an der Animatioun.



Mäin Numm ass Lelièvre Maxime an ech schaffen um BF 1.



Ech heeschen Oliveira Sousa Ines Mafalda a schaffen als Infirmière um BF 1.



Mäin Numm ass Da Luz Liliana an ech schaffen am Restaurant.



Ech heesche Fernandes Soraia a schaffen um BF 2.




Mäin Numm ass Ernest Faustine an ech schaffen um BF 2.



Ech heesche Bach Joshua a schaffen am Restaurant.



Mäin Numm ass Crnovrsanin Haris an ech schaffen um BF 1.





Mir traueren ëm de Verloscht vun eisem léiwen Aarbechtskolleeg
a Frënd

## WILHELM FANNY

† 12.03.2023
am Alter vu 55 Joer.

Säin Doud huet eis all déif getraff.

Mir verléiere mam Fanny eng gutt Aarbechtskraaft an en immens
léiwe Mënsch.

Mir behalen dech a gudder Erënnerung.

D'Bewunner an d'Personal vum CIPA REWA soen dir fir alles MERCI.

# ET HUNN EIS VERLOOSS

| | |
|---|---|
| Mr Gillen Guillaume | +26/02/2023<br>AM ALTER VUN 81 JOER |
| Mme Rossi—Gentilini Ines | +03/03/2023<br>AM ALTER VUN 96 JOER |
| Mme Frast-Schouweiler Suzanne | +12/03/2023<br>AM ALTER VUN 81 JOER |
| Mr Wilhelm Fanny | +12/03/2023<br>AM ALTER VU 55 JOER |
| Mme Fandel-Wiltgen Marie-Jeanne | +14/03/2023<br>AM ALTER VUN 85 JOER |
| Mr Moos Jean-Pierre | +28/03/2023<br>AM ALTER VUN 92 JOER |
| Mr Lenertz Pierre | +02/04/2023<br>AM ALTER VUN 81 JOER |
| Mme Meyes Cecilia | +09/04/2023<br>AM ALTER VU 84 JOER |
| Mme Brasseur Odette | +11/04/2023<br>AM ALTER VUN 86 JOER |
| Mr Erpelding Jean-Leon | +21/04/2023<br>AM ALTER VUN 81 JOER |
| Mme Kass-Bernard Catherine | +01/05/2023<br>AM ALTER VUN 81 JOER |
| Mme Olivero-Bach Nicole | +12/05/2023<br>AM ALTER VUN 75 JOER |
| Mme Hilbert-Burger Agnes | +24/05/2023<br>AM ALTER VUN 93 JOER |




© 2023

CIPA Résidence Op der Waassertrap
L-4408 Belvaux
TEL. +352 59 49 40 - 1
www.cipa-sanem.lu